NEWSLETTER JULI 2022

Léif Frënn vun der Minett UNESCO Biosphere,

Dëse Summer gëtt de Summer vun den Entdeckungen.

Erliefd d'Minett UNESCO Biosphere op eng aner Manéier an daucht an an hir eenzegaarteg Landschaften. Fir dës op nei Manéier z'interpretéieren, proposiëere mir lech e **geopoetesche Reescarnet** mat deem Dir d'Regioun duerch en neie Bléckwénkel kënnt kucken.

Traditionell entdecke kann een d'Regioun mam **Minett Trail**, deen dëse Summer komplett fir lech accessibel ass, an deen lech op **90 Kilometer duerch d'Naturschutzgebitter an déi urban an touristesch Deeler vum Minett** führt. E Wee, deen Dir an e puer Etappe maache kënnt, fir de Summer heiheem a vollen Zich ze genéissen.

Och eis Highlights aus de leschte Wochen si Sujet an déser Newsletter:

Mir presentéieren lech d'**Resultater vum éischte Jugendforum**, deen d'Minett UNESCO Biosphere am Fréijoer op der Zowaasch organiséiert hat. Eng 20 Jonker hu véier konkret Ëmweltprobleemer an eiser Regioun identifizéiert a Léisungsméglechkeete fir dës proposéiert.

En plus kucke mir zerënk op **d'Deeg an der Natur, déi vum 22. bis de 26. Juni am Ellergronn**, wou och d'Zentral van der Minett UNESCO Biosphere ze faanen ass, organiséiert goufen.

Mir wënschen lech e schéine Summer an hoffen, datt Dir eis Regioun a vollen Zich genéisse wäert.

Är Equipe vun der Minett UNESCO Biosphere.

ROCKLINES: GEOPOETESCH DECOUVERTE VUM MINETT



Mat der Unerkennung vum Minett als UNESCO Biosphärereservat, am Joer 2020, ass d'Iddi entstanen lech mat op eng geopoetesch Rees duerch de Süde vu Lëtzebuerg ze huelen.

2021 hunn zwee Schreftsteller **eng geopoetesch Entdeckungsrees** duerch de Minett gemaach fir d'Poesie vun der Landschaft anzefiléiren.

Aus déser Exploratioun ass e geopoetesche Reescarnet fir d'Minett UNESCO Biosphere ginn. Dëse Carnet erméiglecht en neie Bléck op eng jonk Landschaft mat grousser Vergaangenheet, déi jëddereen esou aus engem komplett anere Bléckwénkel entdecke kann.

Den **Donneschdeg 14. Juli um 18:00** ass déi offiziell **Presentatioun vum Buch am 'naturmusée'** am Gronn. D'Buch ass vun elo un disponibel, iwwerall wou et Bicher gëtt.

DETAILLER IWWERT DE PROJET

MINETT TRAIL: 90 KILOMETER ENTDECKUNGSTOUR

MINETTTRAIL

D'Natur an d'Geschicht entdecken an dat direkt rieft der eegener Haustier. Dëse Summer kënnt dir voll a ganz vum **90 Kilometer laange Minett Trail** profitéieren, dee quasech duerch déi 11 Gemenge vun der Minett UNESCO Biosphere führt.

Entdeckt net just déi eenzegaarteg Natur vu Südlëtzebuerg, mä och all déi kulturell an touristesch Siten an dat râicht industriëll lerwen, wat eis Regioun esou besonnesch mécht.

Den Trail ass bequem an **11 Etappen** ze maachen an déi **éischt Kabaiserchen,** an deenen een op eng ausgefalen a flott Manéier kann iewernuechten, gi geschwënn op.

OFFIZIELL SËIT VUM MINETT TRAIL

BEYOUTHSPHERE: PROPOSËIERT SOLUTIOUNEN

Eng Abëlld hate sech eng ronn **20 Jonker aus der Minett UNESCO Biosphere**, dem Recht vu Lëtzebuerg an aus ganz Europa Rendezvous op der Zowaasch ginn, fir beim **éischte Jugendforum «Minett Beyouthsphere»** vum eenzege Lëtzebuerger Biosphärereservat dobäi ze sinn.

Mat Hëlleef vun Ëmweltexperte goufe **konkret Probleemer identifizéiert** an a Workshoppe **Léisungsproposen ausgeschafft**, déi mer eis publiziéiert hunn. Aktuell gëtt analysëiert mat wéi engem Moyenen déis Virschläi zäitno kënnen ëmgesat ginn.

CONCLUSIOUNE VUM JUGENDFORUM

D'DEEG AN DER NATUR: RÉCKBLÉCK OP 2022

An der Woch vun Nationalfeierdag waren d'Deeg an der Natur, déi d'Minett UNESCO Biosphere am Ellergronn organiséiert huet.

Den 22. Juni ware Betriber op Besuch, fir mat de Chercheuren Thierry Helminger a Guy Colling vun 'naturmusée' ze kucken, wéi een eng Bestandsopnam vun der Biodiversitéit mécht.

De 24. Juni stoung am Zeeche vun de Kanner. 8 Klassen aus den 11 PRO-SUD-Gemenge sinn a 7 verschiddenen Ateliere méi iwwert d'Natur an d'Biodiversitéit gewuer ginn.

An de 26. Juni war de grousse Familjendag am Ellergronn, deen zesumme mat der Naturverwaltung (ANF) an der Stad Esch organiséiert gouf.

D'EDITIOUN 2022 AN TEXT A BILLER

MINETT UNESCO BIOSPHERE

6, Ellergronn
L-4114 Esch-sur-Alzette
LUXEMBOURG

+352 261797-1
prosud@prosud.lu
minett-biosphere.com